Question élargie n° 130
Reçue le 10.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.02.2022

**Nouvelle version**

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 82 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ech eng Question élargie zum CO2-Budget vu Lëtzebuerg un d'Madamm Ëmweltministesch stellen.

De Klimavertrag vu Paräis gesäit vir, dass mir d'global Erwiermung op méiglechst 1.5°C, a maximal 2°C, begrenzen. Zu Lëtzebuerg hu mir mam PNEC onse Plang fir d'Emissioune bis 2030 em 55% ze reduzéieren. Ons laangfristeg d'Zil ass d'Klimaneutralitéit bis 2050.

Laut de Wëssenschaftler bedeit d'Paräisser Ofkommes dat mir als Weltgemeinschaft, gerechent ab Ufank 2020, nach ca. 400 Gigatonne CO2 an d'Atmosphär kënne blosen. Wa mir also zu de Paräisser Ziler stinn, musse mer ons genaut Budget vu CO2, bzw. Zäregasemissioune kennen, dee mir nach däerfen an d'Ëmwelt fräi setzen. Nëmmen esou kënne mer ons di Ziler setzen, an entspriechend Moossnamen définéieren, di am vollen Accord mat dem Paräisser Ofkommes sinn.

Dofir géif ech gären dëse Sujet am Kader vun enger Question élargie uschwätzen a folgend Theme méi genau behandelen:

- Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung zum Anhale vum Paräis-Ofkommes
- De CO2-Budget vu Lëtzebuerg, dat heescht di Zäregasemissiounen di mir als Land nach iwwerhaapt däerfe pro Joer emittéiere fir dat 1.5°C Zil bzw. 2.°C Ziel vu Paräis ze erreechen
- Méiglech Widdersprëchlechkeet tëschent dem CO2-Budget fir Lëtzebuerg an den Ziler aus dem PNEC

Här President ech bieden Iech män déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten

Nouvelle version